LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

LU

# Impfung géint Mpox

## Mpox - wat ass dat?

D'Mpox, fréier och Monkeypox oder Afepouken genannt, ass eng Krankheet, déi duerch e Virus aus der Famill vun de mënschleche Pouken ausgeléist gëtt an sech no der Ausrottung vun de mënschleche Pouke lues erausgebilt huet. Virun der aktueller Epidemie ass dëse Virus nëmme seele baussent Zentral- a Westafrika opgetrueden. Am Ufank huet et sech ëm eng Zoonos gehandelt, d.h. eng Krankheet, déi vun Déieren - heefeg Nagedéier - op de Mënsch iwwerdroe gëtt, awer mat der Zäit ass d'Iwwerdroung vu Mënsch zu Mënsch méi heefeg ginn.

## Wéi gëtt de Virus iwwerdroen?

D'Iwwerdroung vu Mënsch zu Mënsch entsteet duerch een enke Kontakt, d.h.:

- **Duerch direkte Kontakt mat Haut- oder Schläimhautverletzunge a Kierpersekreeter.**
- **Duerch Otemweesekreeter (Drëpsen) bei längerem Kontakt, Face-à-Face oder bei engem intime kierperleche Kontakt resp. sexuellem Kontakt.**
- **Duerch Kontakt mat Géigestänn, déi mam infektiéisen Ausschlag oder Kierperflëssegkeeten a Kontakt waren.**

## Impfung géint Mpox - firwat?

Persounen déi mat Mpox infizéiert sinn erhuelen sech an der Reegel bannent 2 bis 4 Wochen. Et goufen allerdéngs Komplikatiounen dokumentéiert, wéi bakteriell Superinfektiounen, Schied un den Aen oder nach Schied um zentralen Nervesystem. Dofir ass d'Impfung wichteg, fir souwuel sech selwer, wéi och säin Entourage ze schützen, an de Gesondheetssystem z'entlaaschten.

## Impfung géint Mpox - fir wien?

### A. Zur Preventioun vun der Infektioun:

- **Bei Männer, déi sexuell Bezéiunge mat Männer hunn, déi verschidde Sexualpartner hunn.**
- **Bei Sexaarbechter an -aarbechterinnen.**

### B. Nom Kontakt mam Virus (tëschent 1 a 14 Deeg nom Kontakt):

- **Fir immunogeschwächte Persounen, déi bannent de leschten 21 Deeg e Kontakt mat héijem Risiko haten (sexuell Kontakter, Kontakt mat Haut- oder Schläimhautverletzunge vun enger infizéierter Persoun, Kontakt mat enger infizéiert Persoun bannent dem Stot).**
- **Fir Fleegepersonal, wat keng entspriechend individuell Schutzmoossname geholl huet.**

## Impfung géint Mpox - wéi?

D'Impfstoffer ginn no engem Verdeelungsschlëssel un d'Memberlänner vun der Europäescher Unioun verdeelt. Ufänglech wäert nëmmen eng begrenzt Unzuel vun Impfstoffer disponibel sinn. D'Regierung wäert verschidde Bevëlkerungsgruppen dozou opruffen, sech impfen ze loossen. Wann Dir zu enger vun dëse Gruppe gehéiert, da kënnt Dir op Rendez-Vous lech am Service National des Maladies Infectieuses vum Centre Hospitalier de Luxembourg impfe loossen.
**Huelt wgl. e Rendez-vous op follgender Nummer: +352 4411-3129.**

**Persounen opgrond vun enger Krankheet ze diskriminéieren ass verwerflech.**
**Den Mpox Virus hëlt keng Récksiicht op sexuell Orientéierungen.**

Bei weidere Froen betreffend den Mpox, kontaktéiert **d'Inspection Sanitaire :**
**(+352) 247-85650**

**Méi Informatioune fann Dir op:**
**www.sante.lu/mpox**